

**S-25621/23**

Lëtzebuerg, den 27. Januar 2023

## **COMMUNIQUE**

### **Dem Minister vun der Securit it Soziale feelt den Respekt virum Rechtsstaat an der Demokratie**

De Minister vun der Securit it Soziale huet matgedeelt, dass de Remboursement vun der Psychotherapie vum 1. Februar un aktiv g tt.

### **Op d i Nouvelle hu vill Patiente laang missten waarden!**

De Staatsrot huet allerd ngs kloer an onm ssverst ndlech drop higewisen, dass de Remboursement vun der Psychotherapie, esou w i e vum Minister Claude HAAGEN forc iert gouf, keng gesetzlech Basis huet a sou mat g int d' Verfassung verst isst. Och ass d' Prozedur vun der Mediatioun net respekt iert ginn. De Minister scheid sech esouguer net  ffentlech zouzeginn, dass seng Initiative net legal ass an hellt domat a Kaf, dass de Remboursement fir de Patient net ofges chert ass. Hien hofft, dass keen Klot. Hien setzt sech einfach iwwert d' Verfassung ewech, d r hir Wichtigkeet duerch d' Chamber grad virun e puer Deeg mat vill Tamtam  nnerstrach gouf ! An Hien deet sou mat och nach de Grand-Duc e Reglement  nnerschreiwen, dat g int d' Verfassung geet. Wat Z iten, wat Methoden !

Dob i w r et scho laang m iglech gewiescht, am Kader vun dem bestoende Gesetz, dem Patienten en Remboursement vu qualitativ gudder Psychotherapie zoukommen ze loosser. Et ass politescht Versoen, dass d' Patienten esou laang am Reen stoen gelooss gi sinn. An elo g tt vun deenen selwechten politeschen Verantwortlechen d' Nout zum Virwand geholl, d' Verfassung mat F iss ze tr ppelen!

D' Gesondheitsministesch Paulette LENERT huet scho virun Kuerzem gewisen, w i duerch eng fr i Interpretatioun vun de Gesetzer e Fait Accompli geschaaft g tt, deen dann gl ichz iteg benotzt g tt fir d' Gesetz ex post ze  nneren. Hei ass de Minister vun der Securit it Soziale, den Claude HAAGEN ,vun der Demarche inspir iert an ignor iert den Avis vum Staatsrot, fir dann eng selwer produz iert offe juristesche Flank ze notzen an d' Gesetz op eng onn ideg Aart a Weis (och op aneren Punkten ?)  nneren ze w llen.

Besounesch d' Regierung misst sech un d' Constitutioun an d i g lteg Gesetzer halen. D' Parlament huet d' Pflicht d' Regierung ze kontroll ieren. Wat geschitt elo ?

D' Nouvelle vum Minister Claude Haagen ass also eng schlecht Norricht fir de Rechtsstaat, fir d' Demokratie, an esou och fir all Bierger a fir all Gesondheitsberuffer hei am Land.

D'AMMD fuerdert, dass den RGD direkt zer ckgezunn g tt, an duerch eng gesetzlech korrekt Demarche ersat g tt, fir dass d' Patienten, d i eng Psychotherapie brauchen, schnellst m iglech zu hirem Remboursement kommen, a fir dass de Rechtsstaat onbed ngt respekt iert g tt.

Dr Alain Schmit  
Pr sident

Dr Guillaume Steichen  
Secr taire g n ral

Dr Carlo Ahlborn  
1er Vice-Pr sident